


Édition spéciale

Reckange-sur-Mess

# Présentation du Budget 2025

:: www.reckange.lu

RECKENG OP DER MESS :: PIISSENG :: LAMPECH :: EILENG :: RIEDGEN :: WICKRENG



# Impressum

**Heures d'ouverture de l'administration communale**
Lundi à mercredi et vendredi:
8.30 à 11.30 et 14.00 à 16.30
Jeudi: 8.30 à 11.30 et 14.00 à 18.00
(Les jeudis sur rendez-vous de 7.00 à 8.30 et de 18.00 à 19.00, à fixer au plus tard 48 h à l'avance)


**Gemeng Reckeng op der Mess**
83, rue Jean-Pierre Hilger
4980 Reckange-sur-Mess
Téléphone: 37 00 24 - 1
Fax: 37 00 24 - 44
E-Mail: commune@reckange.lu



**Editeur responsable:**
Administration Communale
de Reckange-sur-Mess
ISSN 2418-442X

**Mise en page:**
Julien Primout

**Photos:**
Jorge Da Silva, Magali Jacob, Julien Primout

**Textes:**
Magali Jacob, Julien Primout, Savas Koroglanoglou

**Impression:**
Imprimerie Ossa
46, rue Gabriel Lippmann
Parc d'activités Syrdall
L-6947 Niederanven

Imprimé en 1.300 exemplaires sur du papier Circle offset recyclé


KlimaPakt – Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima – 65%

myclimate – Notre impact. Durable – Imprimerie – myclimate.org/01-24-328655

RECYCLÉ – Papier fait à partir de matériaux recyclés – FSC® C179465

Mir sinn eng Fairtrade Gemeng

**Permanence sociale à Reckange-sur-Mess**

Chers habitants,

à partir du 1er janvier 2025, l'administration communale de Reckange-sur-Mess, en coopération avec l'Office social commun de Mamer, offrira une permanence sociale

**tous les 2e mardi du mois, de 15.00 à 16.00 heures**

au deuxième étage du bâtiment communal (83, rue Jean-Pierre Hilger L-4980 Reckange-sur-Mess), en toute confidentialité et discrétion. Pour toute information complémentaire, n'hésitez pas à prendre contact avec notre assistante sociale du OSCM, Madame Mirien Da Luz Dias au 621 79 47 43.

Mat der CityApp Reckeng op der Mess ass déi ganz Gemeng an Ärer Täsch.

*Avec la CityApp Reckange-sur-Mess, toute la commune est dans votre poche!*

# Index


| | |
|---|---|
| *4* | Virwuert vum Här Buergermeeschter / *Préface de Monsieur le bourgmestre* |
| *5* | Aleedung & ordinäre Budget 2024 / *Introduction et budget ordinaire 2024* |
| *6* | Ordinäre Budget 2025 / *budget ordinaire 2025* |
| *7* | FDGC (Fonds de dotation globale des communes) |
| *7* | Évolution du service ordinaire |
| *8* | Augmentation des coûts du personnel communal |
| *8* | Relevé des agents communaux |
| *9* | Structures des dépenses ordinaires budget rectifié 2024 et budget 2025 |
| *10* | Répartition des charges salariales contre autres dépenses |
| *10* | Évolution de la charge salariale de la commune |
| *11* | Encadrement vu Kanner - Gratis? Jo, awer …<br>*Encadrement des enfants - Gratuit? Oui, mais ….* |
| *12* | Extraordinäre Budget 2024 / *Budget extraordinaire 2024* |
| *12* | Extraordinäre Budget 2025 / *Budget extraordinaire 2025* |
| *13* | D'Haaptprojete vum extraordinäre Budget 2025<br>*Les projets phares du budget extraordinaire 2025* |
| *13-15* | Mise en conformité vun eise Bushaltestellen an Zebrasträifen<br>*Mise en conformité de nos arrêts de bus et passages pour piétons* |
| *16-17* | Déi zukünfteg Reewaasserbasenge vu Reckeng op der Mess<br>*Les futurs bassins de rétention d'eau de Reckange-sur-Mess* |
| *18* | Sozialwunnengen / *Logements sociaux* «Op de Quäärten» |
| *18* | Reamenagement vun de Säll vun der aler Maison Relais<br>*Réaménagement des anciennes salles de la Maison Relais* |
| *19* | Verlängerung vu Waasserleitungen zu Reckeng an zu Wickreng<br>Extension de conduites d'eau à Reckange et Pissange |

# Léif Matbierger aus der Gemeng Reckeng op der Mess



Carlo Muller
Buergermeeschter

Wéi all Joer presentéiere mir Iech an dëser Editioun nees op eng verständlech Aart a Weis d'Detailer iwwert de Gemengebudget fir dat lafend Joer. Am ordinäre Budget sti Recettë vu 15.168.302.- € un. 11.357.350 Euro si fir Depensë virgesinn. Den Haaptposten, d'Dotation globale des communes ass just ëm 3,90% geklommen, wat eis net erlaabt grouss Spréng ze maachen. (D'lescht Joer hate mir hei eng Augmentatioun vun 12,79%).

Am ausseruerdentleche Budget erwaarde mir Recettë vun 9.216.500.- €. Dogéint sinn 13.121.900.- € Depensen ageplangt. Alles an Allem presentéiere mir Iech hei en Transitiounsbudget, deen d'Finanzéierung vu Projete virgesäit, déi a Planung sinn. Dës mussen zäitlech gestaffelt ginn, well se net all gläichzäiteg realiséiert kënne ginn.

Obwuel mir dëst Joer verstäerkt an d'Renforcement vun eisen Netzwierker investéieren (Gas, Stroum, Waasser an Daten), also an ënnerierdesch, „verstoppte" Projeten, kann ech awer op dëser Plaz kuerz op eng Partie Projeten agoen, déi och mam bloussen An erkennbar sinn:

Nodeems de Bau vun eiser Maison Relais elo ofgeschloss ass, wäert den Haaptdeel vun den Depensen am Joer 2025 an d'Erneierung vum Ofwaasserkanal an d'Schëfflenger Kläranlag fléissen. Dobäi ass ze soen dass am Laf vun deenen nächste Joren och nach fir all Uertschaft vun der Gemeng (ausser Reckeng, deen ass esou gutt ewéi fäerdeg) e Bassin de Rétention fir d'Reewaasser gebaut muss ginn. Eenzeg Riedgen ass net betraff, well dës Uertschaft un de SIDERO ugeschloss ass.

Och mam Bau vum Méi-Familljenhaus an de Quäärten zu Éileng, mat 6 Sozialwunnenge wäert am Fréijoer ugefaange ginn. Ausserdeem wäert am Laf vum Joer d'Vergréisserung vun der Reckenger Schoul fäerdeg geplangt ginn, fir dass d'Aarbechten 2026 realiséiert kënne ginn. Fir d'Joer 2026 sinn hei 600.000.- € virgesinn.

Mee mir hunn och eng Flicht vis-à-vis vun Iech, léif Matbiergerinnen a Matbierger. Déi Flicht, Iech e kloren, transparenten an zukunftsorientéierte Service unzebidden. An dat Dag fir Dag, esouwuel am administrative Beräich ewéi dobaussen um Terrain. Dowéinst sinn och 36,03% vun eisen ordinären Depensë fir de Fonctionnement vun de Gemengeservicer virgesinn.

Am Allgemenge bleiwe mir eiser Linn trei: E virsiichtegen a responsabelen Ëmgang mat de Finanzen. Et ass am grousse ganzen nees e Budget, dee sech um Plan pluriannuel orientéiert an dee weiderhin dofir suergt, dass mir eis finanziell Méiglechkeeten net iwwerstrapazéieren. Ech wëll hei alleguer de Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Conseil Merci soe fir hir Mataarbecht beim Opstelle vun dësem Budget. Och eisem Personal aus dem administrativen an technesche Beräich e grousse Merci, si sinn et déi alleguer eis Iddien ëmsetze mussen an dann och nach Chifferen drop setzen. Vill Spaass beim Entdecke vun den Detailer iwwer de Reckenger Budget fir 2025.

# *Chers citoyens de la commune de Reckange-sur-Mess*

*Comme tous les ans, nous vous présentons dans ce bulletin les détails du budget communal pour l'exercice en cours, de façon digeste et compréhensible. Dans le budget ordinaire, nous totalisons des recettes de 15.168.302.- €. Des dépenses à hauteur de 11.357.350.- € sont prévues. Le poste principal, la dotation globale des communes, a juste augmenté de 3,90%, ce qui ne nous permettra pas de faire de grands bonds. (L'année dernière, l'augmentation s'élevait à 12,79%)*

*Dans le budget extraordinaire, nous nous attendons à des recettes de 9.216.500.- €, contre 13.121.900.- € de dépenses. En tout et pour tout, nous vous présentons ici un budget de transition, qui prévoit le financement de projet en cours de planification. Ceux-ci doivent être échelonnés, car ils ne peuvent pas être réalisés en même temps.*

*Une grande partie de nos investissement sera concentrée sur le renforcement de nos réseaux (gaz, électricités, eaux et données), des projets enfouis, souterrains, donc «cachés». Cependant, je peux mentionner ici quelques projets visibles à l'œil nu:*

*La construction de notre maison relais étant achevée, les principales dépenses de l'exercice 2025 seront effectuées dans le cadre du renouvellement du canal acheminant les eaux usées vers la station d'épuration de Schifflange. Notons également que durant les prochaines années, des bassins de rétention d'eau de pluie seront construits dans chaque localité de la commune. Exception faite de Reckange, où la construction est quasiment achevée et Roedgen, localité raccordée au SIDERO.*

*La construction des maisons plurifamiliales dans les Quäärten à Éhlange, comprenant 6 logements à caractère social, débutera ce printemps. De plus, la planification de l'agrandissement de l'école fondamentale sera achevée durant l'année, de sorte à pouvoir débuter les travaux en 2026. Pour cette année-là, 600.000.- € sont prévus pour ce projet.*

*Mais nous avons également un devoir par rapport à vous, chers citoyens. Ce devoir de vous proposer un service clair et transparent, résolument tourné vers l'avenir. Cela jour après jour, à l'administration et sur le terrain. De ce fait, 36,03% de nos dépenses ordinaires sont destinés au bon fonctionnement de nos services communaux.*

*Nous restons fidèles à nos principes: un traitement prudent et responsable de nos finances. Dans les grandes lignes, ce budget s'oriente par rapport au plan pluriannuel et permettra d'éviter une mise à l'épreuve de nos finances. Je voudrais en profiter pour remercier les collègues du conseil communal pour leur précieuse contribution à l'établissement de ce budget. Merci aussi à notre personnel administratif et technique. C'est à eux qu'incombe la lourde tâche de concentrer et de chiffrer nos idées. Je vous souhaite beaucoup de plaisir à découvrir le budget reckangeois de l'année 2025.*

D'Previsioune vun den Zuele fir de Budget rectifié 2024 respektiv Budget 2025 konnte mir aus der Circulaire budgétaire vum 17. Oktober 2024 enthuelen.

*Les prévisions des chiffres pour le budget rectifié 2024, respectivement pour le budget 2025 ont pu être prélevées de la circulaire budgétaire du 17 octobre 2024.*

De Budget vun den Ausgabe vum Ministère des Affaires intérieures erreecht 9,7% vum Gesamtbudget 2025 vum Stat. D'Gemengefinanze representéieren 69,3% vun den Ausgabe vum Ministère des Affaires Intérieures. Bei der Entwécklung vum Fonds de Dotation globale des communes erkennt een eng positiv Evolutioun, mat engem Wuesstem vun 13% fir de Budget rectifié 2024 an eng Erhéijung vu 17% fir de Budget 2025 am Verglach mam Compte 2023.

*Le budget des dépenses du Ministère des affaires intérieures atteint 9,7% du budget total de l'État 2025. Les finances communales représentent 69,3% des dépenses du Ministère des affaires intérieures. Au niveau du Fonds de dotation globale des communes, nous distinguons une évolution positive, avec une augmentation de 13% pour le budget rectifié 2024 et une augmentation de 17% pour le budget 2025 en comparaison avec le compte 2023.*

Och lafe momentan gesetzlech Prozeduren, ewéi d'Ofschafung vum Fonds Communal de Péréquation Conjoncturelle an d'Reform vun de Gemengebäiträg zum Fong fir den Emploi. Aner Projeten, déi de Budgetsprojet 2025 beaflossen, sinn d'Finanzéierungsmodalitéite vum CGDIS, d'Ausschaffung an d'Aféierung vun neie staatleche Kapitalhëllefe fir de Bau vun ëffentlechen Infrastrukturen, d'Bewältegung vun den operationelle Problemer vun der CPFEC (Caisse de prévoyance des fonctionnaires et employés communaux) an d'Stäerkung vun de Gemengeliquiditéiten duerch d'Erhéijung vun den Avancë vum FDGC.

*En ce moment-même, différentes procédures légales sont en cours, dont notamment la suppression du Fonds communal de péréquation conjoncturelle et la réforme de la contribution communale au fonds pour l'emploi. D'autres projets impactant le projet budgétaire 2025 sont les modalités de financement du CGDIS, l'élaboration et l'introduction de nouvelles aides étatiques en capital pour la construction d'infrastructures publiques, la gestion des problèmes opérationnels de la CPFEC (Caisse de prévoyance des fonctionnaires et employés communaux) et la consolidation des liquidités communales par l'augmentation des avances de la part du FDGC.*

Allgemeng ginn d'Gemengen opgeruff, hir Investitiounen sou gutt et geet op engem héijen Niveau ze halen.

*Dans la mesure du possible, les communes sont appelées à maintenir leurs investissements à un niveau élevé.*

## Budget ordinaire 2024

| | Budget initial 2024 | Budget rectifié 2024 |
|---|---|---|
| **Total des recettes ordinaires** | 12.303.928,46.- € | 14.328.496,98.- € |
| **Total des dépenses ordinaires** | 10.575.750,00.- € | 10.653.840,00.- € |
| **Excédent propre à l'exercice 2023** | 1.728.178,46.- € | 3.674.656,98.- € |
| **Excédent compte 2023** | 5.968.474,45.- € | 2.934.872,17.- € |
| **Excédent total** | 7.696.652,91.- € | 6.609.529,15.- € |
| **Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire** | 7.328.796,47.- € | 5.838.547,47.- € |
| **Excédent présumé fin 2024** | 367.856,44.- € | 770.981,68.- € |

Dës Tabell spigelt zeréck wat am ordinäre Budget initial virgesi gouf respektiv wat am Budget rectifié fir den Exercice 2024 agesat ginn ass. Bei den ordinäre Recetten ass de Rectifié 2024 ëm quasi 2 Millioune méi héich wéi dat wat am initiale Budget virgesi war. D'Haaptdifferenz ass den FDGC, deen ëm 1,2 Mio.- € méi héich ass wéi d'Previsioun am initiale Budget. Och gouf den Emprunt, deen d'Gemeng schonn 2022 gezunn huet, ugeluecht op e Compte à terme well dëst Geld net direkt gebraucht gouf. Dëse Compte à terme huet och eng Zousazrecette vun Zënsen erabruecht vun 100.000.- €. Den 23. Mee 2024 hat de Gemengerot och eng nei Recette vun 300.000.- € fir den ordinäre Budget gestëmmt, fir de Service de restauration vun der Maison Relais. Och ass beim Impôt commercial eng Zousazrecette vun 150.000.- €. Wann een dëst alles zesummerechent, ergëtt sech d'Differenz vun 2.000.000.- €.

*Ce tableau reflète les prévisions du budget ordinaire initial respectivement rectifié lors de l'exercice 2024. Au niveau des recettes ordinaires, le budget rectifié fait 2 millions de plus que la prévision dans le budget initial. La principale différence se situe au niveau du Fonds de dotation globale des communes, qui fait 1,2 millions de plus qu'initialement prévu. De plus, l'emprunt effectué en 2022 a été déposé sur un compte à terme, car cet argent n'est pas utilisé dans l'immédiat. Ce compte à terme à généré des recettes supplémentaires sous forme d'intérêts à hauteur de 100.000.- €, qui n'étaient pas prévues au départ. En date du 23 mai 2024, le conseil communal a également voté une nouvelle recette de 300.000.- € pour le service de restauration de la maison relais. Au niveau de l'impôt commercial, nous enregistrons aussi une recette supplémentaire de 150.000.- €. En additionnant tout cela, il en résulte une différence de 2.000.000.- €*

Bei den Dépenses ordinaires gesi mir dass d'Schätzunge vum initiale Budget ganz liicht no uewe revidéiert goufen ëm ca. 80.000.- €. Dëse Betrag setzt sech haaptsächlech aus klengen Upassungen zesummen.

Wann een awer den Total général vun de Codes fonctionnels analyséiert stellt sech eraus, dass d'Estimatiounen, déi fir dat lafend Joer virgesi waren net wäit ausernee leien.

Drënner hu mir dann den Excedent total, wou mir eng Estimatioun vun ca. 1.947.000.- € méi virgesi wéi am Budget rectifié, wat sech doduerch erkläert dass déi verschidde Recetten, wéi den FDGC an den ICC, méi staark no uewen evoluéiert hunn ewéi dat Enn 2023 virgesi war.

Am Budget initial war e Boni vun 367.856,44.- € fir d'Joer 2024 virgesinn, dee sech elo op 791.681,68.- € beleeft.

*Au niveau des dépenses ordinaires, nous constatons que les estimations du budget initial ont été légèrement revus à la hausse, d'environ 80.000.- €. Ce montant se compose principalement de petites adaptations.*

*Par contre, en analysant le total général des codes fonctionnels, il en ressort que les estimations pour l'année en cours sont très proches.*

*En dessous se trouve l'excédant total, où nous retrouvons une estimation de 1.947.000.- € de plus que prévue dans le budget rectifié, qui s'explique par certaines recettes, telles que le FDGC et l'ICC, qui ont davantage évolué à la hausse que prévu fin 2023.*

*Dans le budget initial, un boni de 367.856,44.- € avait été prévu pour l'année 2024, qui se chiffre maintenant à 791.681,68.- €.*

## Budget ordinaire 2025

| | Budget 2025 |
|---|---|
| **Total des recettes ordinaires** | 15.168.302,67.- € |
| **Total des dépenses ordinaires** | 11.357.350,00.- € |
| **Excédent propre à l'exercice 2024** | 3.810.952,67.- € |
| **Excédent présumé exercice 2023** | 770.981,68.- € |
| **Excédent total** | 4.581.934,35.- € |
| **Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire*** | 3.954.400,00.- € |
| **Excédent présumé fin 2025** | 627.534,35.- € |

Bei dëser Tabell handelt et sech ëm d'Previsioune fir de Budget ordinaire 2025. Déi ordinär Recettë maachen e Sprong no uewen a klamme fir déi éischte Kéier iwwert 15.000.000.- €. Den FDGC klëmmt ëm ca. 450.000.- €. Dëst erklärt sech och erëm duerch d'Previsioune vun der Circulaire budgétaire:

- FDGC: +3,8% par Rapport zum Budget rectifié 2024, also ca. 450.000.- € méi. Wann een dëst mam Compte vun 2023 vergläicht, da stellt ee fest dass 2025 ca. 1.800.000.- € méi erakomme wéi virun 2 Joer.

Mir stelle fest dass bei den Dépenses ordinaires zousätzlech Ausgabe vu 703.500.- € par Rapport zum Budget rectifié 2024 stinn. Dës zousätzlech Depensen entstinn ënnert anerem duerch déi substantiell Hausse vum Präis vum Elektresch, Paien an Annuitéiten, Zënse bedéngt duerch den neien Emprunt an zousätzlech Fraisen duerch d'Ouverture vun der neier Maison Relais.

Doduerch entsteet en Excedent vum Exercice 2024 vun ca. 3.811.000.- €. Wann een deen zesummenhëlt mam Excedent vum Budget 2023, kënnt een op en Total vun 4.602.000.- €. Rechne mir dësen Excedent vum Transfert ordinaire – extraordinaire of, dann hu mir Enn 2025 e Boni vun ca. 648.234,35.- €.

* Wann ee méi Recettë wéi Depensen huet, dann ergëtt sech e Boni. Dëse Boni ass en Iwwerschoss, deen ee vum ordinären op den extraordinäre Budget iwwerweise kann.

*Ce tableau reflète les prévisions pour le budget ordinaire de l'année 2025. Les recettes ordinaires font un grand bond en l'air et dépassent pour la première fois 15.000.000.- €. Le FDGC augmente d'environ 450.000.- €. Ceci s'explique aussi par les prévisions de la circulaire budgétaire:*


- *FDGC: +3,8% par rapport au budget rectifié 2024, donc un plus de 450.000.- €. Comparé à 2023, nous constatons qu'en 2025, nous recevons environ 1.800.000.- € de plus qu'il y a encore deux ans.*

*Au niveau des dépenses ordinaires, notons des dépenses supplémentaires à hauteur de 703.500.- € par rapport au budget rectifié 2024. Ces dépenses supplémentaires sont dues notamment à la hausse substantielle du prix de l'électricité, les salaires, les annuités et les intérêts générés par le nouvel emprunt et les frais supplémentaires engendrés par l'ouverture de la nouvelle maison relais.*

*Il en résulte un excédent de l'exercice 2024 d'environ 3.811.000.- €. En l'additionnant au budget 2023, nous atteignons un total de 4.602.000.- €. En soustrayant cet excédent du transfert ordinaire - extraordinaire, cela nous fait un boni de 648.234,35.- € en fin d'année 2025.*

* *Il se crée un boni quand les recettes dépassent les dépenses. Ce boni est un excédent qui peut être transféré du budget ordinaire vers le budget extraordinaire.*


## Fonds de dotation globale des communes (FDGC)




Dës Grafik weist d’Entwécklung vun der Haaptrecette vun de Gemengen, de „Fonds de dotation globale des communes“ (de fréieren „FCDF“). D'Tendenz vum FDGC weist zënter Jore just no uewen. Am Joer 2023 hu mir de Montant vun 10.000.000.- € iwwerschratt a sinn da fir 2025 bei enger Previsioun vun iwwert 12.000.000.- €.

*Cette infographie illustre l’évolution de la recette principale des communes, le «fonds de dotation globale des communes» (anciennement «FCDF»). La tendance du FDGC ne cesse d'augmenter. En 2023, nous avons dépassé un montant total de 10.000.000.- € et la prévision de 2025 se chiffre à plus de 12.000.000.- €.*

## Evolution service ordinaire




Dës Grafik weist d’Entwécklung vun eisem ordinäre Budget iwwert déi lescht 7 Joer. Mir stellen engersäits fest dass d'Recetten zënter 2019 ëmmer nëmme geklomme sinn (ausser 2020) fir 2025 op Rekordniveau ze leien an de Montant vu 15.000.000.- € z'iwwerschreiden. Op der anerer Säit sinn eis Depensen och permanent um Klammen. De Boni vum Exercice 2025 ass dëst Joer och net méi sou héich, bedéngt duerch déi grouss Investissementer a lafend Projeten.


Remarque: De Compte 2022 weist e grousse Boni un, deen ass bedéngt duerch den Emprunt, deen de Gemengerot Enn 2022 gestëmmt huet.

*Cette infographie montre l’évolution de notre budget ordinaire durant les 7 dernières années. D'un côté, et hormis l'année 2020, nous constatons que les recettes ne cessent d'augmenter depuis 2019 pour atteindre un niveau record en 2025. De l'autre côté, les dépenses augmentent constamment elles aussi. Cette année, le boni de l'exercice 2025 n'est plus aussi élevé, ceci étant dû aux investissements importantes et aux projets en cours.*


*Remarque: Le compte 2022 indique un boni important dû à l'emprunt que le conseil communal a voté à la fin de l'exercice 2022.*

## Augmentation des coûts du personnel communal

de 2020 à 2023 en %




## Relevé des agents communaux










Administration communale
de Reckange-sur-Mess

# AVIS

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal de Reckange-sur-Mess, en sa séance du 12 décembre 2024, a **approuvé une modification du règlement de la circulation**, décision approuvée par Madame la Ministre de la Mobilité et des Travaux Publics le 30 décembre 2024 réf. cce/rc/avis/24/6471 et par Monsieur le Ministre des Affaires intérieures le 8 janvier 2025, référence 322/24/CR.


Le texte de cette délibération est à la disposition du public à la maison communale, où il peut en être pris copie sans déplacement.

Reckange-sur-Mess, le 15 janvier 2025.


Le collège des bourgmestre et échevins

**Carlo Muller, bourgmestre**
**Christian Tolksdorf, échevin**
**Marc Ludwig, échevin**

## Structures des dépenses ordinaires budget rectifié 2024




## Structures des dépenses ordinaires budget 2025




Dës Grafike stellen iech déi verschidde Rubricke vun den ordinären Depensë vir (code fonctionnel):

- **1. Services généraux des administrations publiques:** D'politesch Organer (Indemnitéit vum Schäfferot, Gemengerot, Walen, Kommissiounen), d'Coordination administrative, d'Coordination technique, d'Coordination des relations publiques, ressources non-affectées, opérations concernant les flux financiers. Dës maachen am Ganze **36,03%** vun den Dépenses ordinaires aus.
- **2. Protection sociale:** 3e Âge, Maison Relais, Maison des Jeunes, Précarité sociale **(11,53%)**.
- **3. Ordre et sécurité publics:** Do handelt et sech ëm de ganze Service secours **(0,46%)**.
- **4. Affaires économiques:** Agrikultur, Sylvikultur a Vitikultur, Tourismus, Transport **(3,13%)**.
- **5. Protection de l'environnement:** Offallgestioun, Ofwaassergestioun, Energiespuermoossnamen an Naturschutz **(17,15%)**.
- **6. Logements et équipements collectifs:** Places publiques, Voirie vicinale, Cimetières, Hygiène publique, Alimentation en Eau, Eclairage public an Autres logements et équipements collectifs **(13,64%)**.
- **7. Santé:** Dës Rubrik ass op **0,08%** (Défibrillateurs).
- **8. Loisirs, culture et culte:** Sportshalen, Sportsveräiner, aner Sportaarten, Kulturzenter a Festsäll, Conservatoires, Musekscoursen a Museksschoulen, aner kulturell Servicer, Cultes, Fêtes publiques an Autres loisirs, culture et culte **(8,34%)**.
- **9. Enseignement:** Enseignement fondamental, Encadrement périscolaire a Services annexes à l'enseignement **(9,46%)**.


Wa mir dat mam Budget rectifié 2024 vergläichen, kënne mir feststellen, dass et keng grouss Variatioune par Rapport zum Budget 2025 ginn.

*Cette infographie décline les différentes rubriques des dépenses ordinaires, selon le code fonctionnel:*

- ***1. Services généraux des administrations publiques:** Les organes politiques (indemnités du collège échevinal, conseil communal, élections, commissions), coordination administrative, coordination technique, coordination des relations publiques, ressources non-affectées, opérations concernant les flux financiers. Ces services constituent* **36,03%** *des dépenses ordinaires.*
- ***2. Protection sociale:** 3e Âge, maison relais, maison des jeunes, précarité sociale **(11,53%)**.*
- ***3. Ordre et sécurité publics:** Il s'agit ici de la totalité du service secours **(0,46%)**.*
- ***4. Affaires économiques:** agriculture, sylviculture et viticulture, tourisme, transports routiers **(3,13%)**.*
- ***5. Protection de l'environnement:** Gestion des déchets, gestion des eaux usées, mesures d'économie d'énergie et protection de la nature **(17,15%)**.*
- ***6. Logements et équipements collectifs:** Places publiques, voirie vicinale, cimetières, hygiène publique, alimentation en eau, éclairage public et autres logements et équipements collectifs **(13,64%)**.*
- ***7. Santé:** Cette rubrique est à* **0,08%** *(Défibrillateurs).*
- ***8. Loisirs, culture et culte:** Halls Sportifs, associations sportives, autres sports, centres culturels et salles de fêtes, conservatoires, cours de musique et écoles de musique, autres services culturels, cultes, fêtes publiques et autres loisirs, culture et culte **(8,34%)**.*
- ***9. Enseignement:** Enseignement fondamental, encadrement périscolaire et services annexes à l'enseignement **(9,46%)**.*

*En comparant ces chiffres au budget rectifié 2024, nous constatons qu'il n'y a que peu de variations par rapport au budget 2025.*

## Répartition charges salariales contre autres dépenses





Dës Grafik vergläicht d'Personalkäschte mat dem Volet „Autres dépenses" aus dem Budget ordinaire. Dës Zuele sinn iwwert déi lescht Jore relativ konstant an d'Luucht gaangen, géigeniwwer vun den Dépenses ordinaires. Trotzdem stelle mir fest dass d'Personalkäschte quasi konstant bei 35% bleiwe par rapport zum Total vun den Dépenses ordinaires. Obwuel mir eis Servicer op der Gemeng opgestockt hunn, sinn dës Depensen net ze schnell gewuess par rapport zum Total vun den Dépenses ordinaires. D'Gemeng wiisst ëmmer méi, doduerch kommen ëmmer méi Aarbechten op d'Administratioun an op den Atelier duer. Dëst huet ëmmer als Konsequenz dass nei, qualifizéiert Leit agestallt musse ginn.

*Cette infographie compare les charges salariales au volet «autres dépenses» du budget ordinaire. Par rapport aux dépenses ordinaires, ces chiffres ont constamment augmenté durant les dernières années. Nous constatons malgré tout que les charges salariales se situent constamment autour de 35% du total des dépenses ordinaires. Nous sommes donc parvenu à augmenter les effectifs sans faire augmenter les dépenses trop rapidement par rapport au total des dépenses ordinaires. La commune ne cesse de grandir, et ainsi le nombre de tâches adressées à l'administration et à l'atelier. Par conséquent, la commune se doit de recruter du personnel qualifié pour faire face à ses devoirs.*

*

## Evolution de la charge salariale de la commune




Dës Grafik weist wéi vill Leit momentan op der Gemeng schaffen. Mir gesinn dass d'Personalkäschten zënter 2020 ëm ca. 60% geklomme sinn.

*Cette infographie montre combien de collaborateurs travaillent auprès de la commune. La charge salariale de la commune a augmenté d'environ 60% depuis 2020.*

# Gratis? Jo, awer ...

Bal 10% vun eisem ordinäre Budget fléisst an den **Encadrement vun de Kanner**. Domat decke mir vill obligatoresch Servicer, mee och eng ganz Rei u Käschte fir Servicer, déi mir Iech **gratis** zur Verfügung stellen.

**Dëst ass fir eis eng Selbstverständlechkeet:**

All Bierger.in soll e Recht op dës Déngschtleeschtungen hunn, a mir wäerten eis weiderhin dofir asetzen, dass dës fir jidderee gratis accessibel bleiwen.

Op dëser Plaz wëlle mir Iech en Abléck ginn an déi Haaptposten déi sech, zesummegerechent an ouni Niewekäschte (Elektresch, Gas, Botzen, ...), op en Total belafe vu ronn

**1.200.000 €/Joer**

# *Gratuit? Oui, mais ...*

*Presque 10% de notre budget ordinaire est investi dans **l'encadrement des enfants**. Ainsi, nous couvrons de nombreux services obligatoires, mais aussi tout un tas de services facultatifs, que nous vous mettons **gratuitement** à disposition.*

***Pour nous, il s'agit d'une évidence:***

*Chaque résident.e doit avoir accès à ces services, et nous nous engageons à ce que ces activités soient, à tout moment, à la portée de chacun.e.*

*À cet endroit, nous voudrions vous offrir un aperçu des postes principaux en question qui, sans compter les frais supplémentaires (électricité, gaz, nettoyage, ...) se chiffrent à hauteur d'environ*

***1.200.000 €/an***

**Maison Relais**
**481.000 €**

**École de musique UGDA**
**300.000 €**

**Transport scolaire**
**250.000 €**

**Maison des Jeunes**
**151.500 €**

**LASEP: Cours de natation supplémentaires**
**8.000 €**







# Budget extraordinaire 2024

| | Budget initial 2024 | Budget rectifié 2025 |
|---|---|---|
| **Total des recettes extraordinaires** | 11.129.753,53.- € | 12.663.634,53.- € |
| **Total des dépenses extraordinaires** | 18.458.550,00.- € | 18.502.182,00.- € |
| **Mali propre à l'exercice 2023** | -7.328.796,47.- € | -5.838.547,47.- € |
| **Boni/Mali compte 2023** | 0.- € | 0.- € |
| **Mali total** | -7.328.796,47.- € | -5.838.547,47.- € |
| **Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire** | 7.328.796,47.- € | 5.838.547,47.- € |
| **Boni/Mali présumé fin 2024** | 0.- € | 0.- € |

Dës Tabell beschäftegt sech mat den extraordinäre Recettë vum Budget 2024, déi ëm 1.500.000.- € no uewe korrigéiert goufen. Verschidde Subside goufe méi fréi liquidéiert well Decomptë gemaach goufen, wéi z.B. bei der Hal vum Gemengenatelier zu Wickreng.

Wa mir dann d'Dépenses extraordinaires kucken, gesi mir och do dass Montante vum Initialen op de Rectifié quasi konstant bleiwen: Vill Projete sinn um lafen an et gëtt och vill investéiert.

*Ce tableau concerne les recettes extraordinaires du budget 2024. Nous notons que les prévisions ont été revues à la hausse à hauteur de 1.500.000.- €. Certains subsides ont été liquidés plus tôt afin de procéder à des décomptes, comme c'est par exemple le cas pour le hall de l'atelier communal à Wickrange.*

*Au niveau des dépenses extraordinaires, nous voyons que les montants du budget initial comparés à ceux du budget rectifié sont quasi identiques: de nombreux projets sont en cours d'exécution et les investissements sont nombreux.*

# Budget extraordinaire 2025

| | Budget 2025 |
|---|---|
| **Total des recettes extraordinaires** | 9.216.500,00.- € |
| **Total des dépenses extraordinaires** | 13.170.900,00.- € |
| **Mali propre à l'exercice 2024** | -3.954.400,00.- € |
| **Boni/Mali présumé exercice 2024** | 0.- € |
| **Mali total** | -3.954.400,00.- € |
| **Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire** | 3.954.400,00.- € |
| **Boni/Mali présumé fin 2025** | 0.- € |

Zum Schluss werfe mir e Bléck op den extraordinäre Budget 2025. Et fält direkt op dass déi extraordinär Recettë méi niddereg si wéi 2024. Dëst ass och doduerch bedéngt, dass de Projet vum neie Kollekter ofgeschloss ass an d'Participatioun vun der Dippecher Gemeng ewechfält. Et ass ze bemierken, dass d'Gemeng en Emprunt vun 1.750.000.- € an de Budget gesat huet fir dësen am Gläichgewiicht ze halen.

*Finalement, jetons un coup d'œil au budget extraordinaire 2025. Nous remarquons que les recettes extraordinaires sont plus basses qu'en 2024. Ceci s'explique par l'achèvement du projet du nouveau collecteur d'eaux usées et que la participation de la commune de Dippach ne rentre plus en compte. Notons que la commune a inscrit un emprunt de 1.750.000.- € dans le budget pour l'équilibrer.*

Mir loossen iech eng Selektioun vun dëse Projeten op den nächste Säiten entdecken.

*Découvrez une sélection de ces projets sur les pages suivantes.*

# D'Haaptprojete vum extraordinäre Budget 2025

# *Les projets phares du budget extraordinaire 2025*

Op den nächste Säite fannt dir eng Selektioun u Projeten.

*Vous trouverez une sélection de projets sur les pages suivantes.*

## Mise en conformité vun eise Bushaltestellen an Zebrasträifen

## *Mise en conformité de nos arrêts de bus et passages pour piétons*

**Zwee Beispiller als Aleedung:**
**Fréier Zoustänn an Astandsetzungen**

Bushaltestellen / *Arrêts de bus*

**Wäschbuer**
Pissange



Avant



Après

***Deux exemples en guise d'introduction:***
***Anciennes situations et mises en conformité***

Zebrasträifen / *Passages pour piétons*

**Am Pull**
Éhlange



Avant




Après

Fortsetzung op den nächste Säiten. / *Suite sur les prochaines pages.*

D'Mobilitéit fir jiddereen ass e wichtegt Element vun eisem Zesummeliewen als Mënschen an et huet e wichtegen Afloss op eisen Alldag. D'Ongläichheeten am Zougank zu ëffentleche Plaze betrëfft e breede Spektrum vun der Bevëlkerung, sief et Persoune mat engem Handicap (kierperlech, sensoriell, mental an/oder kognitiv), Eltere mat Poussetten oder Persounen, déi sech mat Krätsche fortbeweegen. Sech fir eng gerecht Mobilitéit staark maache bedeit, jidderengem seng Autonomie zeréck ze ginn a jidderengem Zougank zur Mobilitéit an ëffentlechen Ariichtungen ze garantéieren. **Mir fänke mat de Bushaltestellen an den Zebrasträifen un, déi d'Gemeng an den nächste Jore konform wäert ariichten. Mir maachen op dëser Plaz e klenge Sträifzuch duerch d'Gemeng a presentéieren iech déi wesentlech Agräffer bis 2030.**

*La «mobilité pour tous» devient un élément de plus en plus important qui ne façonne pas seulement les vies, mais qui irrigue aussi le quotidien. L'inégalité concernant l'accessibilité de la voie publique touche un large spectre de la population, que ce soient des personnes handicapées (moteur, sensoriel, mental et/ou cognitif), des parents avec poussette ou des personnes en convalescence qui se déplacent avec des béquilles. Opter pour une mobilité équitable redonne l'autonomie à chacun en permettant à tous.tes d'avoir accès à la mobilité et aux infrastructures publiques.* ***Commençons par les arrêts de bus et les passages pour piétons, pour lesquels la commune procèdera à la mise en conformité durant les prochaines années. Voici un petit tour d'horizon des différentes zones d'intervention d'ici l'année 2030.***

## (Suite)
## Mise en conformité vun eise Bushaltestellen an Zebrasträifen
## *Mise en conformité de nos arrêts de bus et passages pour piétons*









D'Haltestell Kierch gëtt an der Rue de Reckange verréckelt, wou och zwee nei Zebrasträifen hikommen. An der Rue Centrale kommen 3 nei Zebrasträife bäi, dovun 2 bei d'Spillplaz.
*L'arrêt Eglise sera reculé dans la rue de Reckange et doté de deux passages piétons.*
*Trois nouveaux passages piétons dans la rue centrale, dont 2 près de l'aire de jeux.*

D'Zebrasträife beim Café an d'Haltestell Uecht an hiren Zebrasträife sinn nach net konform.
*Le passage près du café et l'arrêt Uecht et son passage ne sont pas encore conformes.*






Op der Säit vum Wäschbuer ass de Busarret konform, esouwéi d'Zebrasträifen, déi op déi aner Säit féieren. / *Du côté du lavoir, l'arrêt est conforme, tout comme le passage qui mène de l'autre coté.*

Am Kader vum PAP géigeniwwer gëtt dësen Arrêt astandgesat. / *Dans le cadre du PAP en face, cet arrêt sera mis en conformité.*

**Légende**

- Nach net konform / *pas encore conforme*
- Feste Bestanddeel vun engem Reamenagementsprojet *Partie intégrante d 'un projet de réaménagement routier*
- Konform / *conforme*






D'Haltestell Rumbaach an 2 Zebrasträifen ginn am Kader vum Projet Echangeur Wickreng konform gemaach. / *L'arrêt Rumbach et 2 passages piétons seront mis en conformité dans le cadre du projet de l'échangeur Wickrange.*

D'Haltestell Rumbaach beim Restaurant an d'Zebrasträifen an der Sortie vu Wickreng Richtung Éileng sinn nach net konform. / *L'arrêt Rumbach au niveau du Restaurant ainsi que le passage dans la sortie de Wickrange vers Éhlange ne sont pas encore conformes.*

### POI

An enger zweeter Phas, am selwechte Gedankegank, wäert den Zougank zu all ëffentleche Point d'intérêt konform gemaach ginn (Gemeng, Atelier, Kulturzenter, Sportshal, ...)

*Dans une seconde phase, et dans le même ordre d'idées, l'accessibilité des points d'intérêts communaux sera mise en conformité (mairie, atelier, centre culturel, hall sportif)*

## Info Chantier

Käschte pro Haltestell / *Coûts par arrêt de bus*


**ca. 150.000.- €**


Käschte pro Zebrasträifen / Coûts par passage piétons

**ca. 100.000.- €**

Schluss / Fin


**2030**





D'Haltestell Laangwis (béidsäiteg) an déi 3 Zebrastäifen op der Rue de Luxembourg sinn nach net konform. / *L'arrêt Laangwis (des 2 côtés) et les 3 passages piétons sur la rue de Luxembourg ne sont pas encore conformes.*





D'Haltestelle Kierch (Rue Jean-Pierre Hilger) a Wollefskaul (Rue de Roedgen) sinn nach net konform. / *Les arrêts Eglise (rue Jean-Pierre Hilger) et Wollefskaul (rue de Roedgen) ne sont pas encore conformes.*

Am Kader vum Reamenagement vun der Rue de Roedgen gëtt de Bus Arrêt Findel verréckelt an astandgesat, esouwéi 6 Zebrastäifen (dovun ass een an der Huelstrooss an een an der Rue Jean-Pierre Hilger). / *Dans le cadre du réaménagement de la rue de Roedgen, l'arrêt Findel sera déplacé et mis en conformité, tout comme 6 passages piétons (dont un dans la Huelstrooss et un dans la rue Jean-Pierre Hilger).*

D'Bushaltestell Kierfecht ass béidsäiteg konform, esouwéi hiren Zebrasträifen. / *L'arrêt de bus Cimetière est conforme des deux côtés, tout comme son passage piétons.*





Den Arrêt Am Brill ass béidsäiteg nach net konform, esouwéi d'Zebrasträifen am Agank vun der Zone d'Activités an déi 2 um Niveau vun der Rue du Sentier. *Des 2 côtés, l'arrêt Am Brill n'est pas encore conforme, comme les passages piétons dans l'entrée de la zone d'activités et les 2 au niveau de la rue du Sentier.*

D'Haltestell Am Pull an hiren Zebrasträife si konform, esouwéi de Passage iwwert d'Rue de Reckange Richtung Piisseng/Monnerech. / *L'arrêt Am Pull et son passage sont conformes, tout comme le passage dans la rue de Reckange vers Pissange/Mondercange.*

## «Mise en conformité»


### Wat ass dat? *Qu'est-ce que c'est?*

**Dalles podotactyles**

- Gesträifte Fläche ginn d'Richtung un. *Surfaces striées indiquent la direction.*
- Genoppte Flächen ginn e Stopp un. *Surfaces à protubérances signalent un arrêt.*
- Bordure vun 18 cm fir op der Héischt vun de Busdieren ze sinn, ofgerond fir dass de Bus esou no ewéi méiglech erufuere kann. / *Bordure élévée de 18 cm pour mise à niveau avec les portes du bus arrondie pour permettre au bus de s'approcher au maximum.*

**Beliichtung / *Éclairage***

- Bei Zebrasträifen, op den 2 Säite vun der Strooss fir eng frontal Beliichtung vum Foussgänger. / *De part et d'autre du passage pour un éclairage frontal du piéton.*




**2026-2028**

| RÜB "Limpach" | Variante 0 | Variante 1 | |
|---|---|---|---|
| $V_{gepl}$ | = 93 | = 176 | (m³) |
| $Q_{d,erf}$ | = 7.73 | = 7.70 | (l/s) |
| $m_{vorh}$ | = 21.9 | = 23.5 | (-) |
| $n_{ue}$ | = 48.7 | = 29.3 | (1/a) |
| Sfue | = 1563 | = 1176 | (kg CSB/a) |
| Sfue,s,kum | = 331 | = 249 | (kg CSB/ha/a) |

**2023-2026**

| RÜB "Reckange" | Variante 0 | Variante 1 | |
|---|---|---|---|
| $V_{gepl}$ | = 857 (1128) | = 1400 (1671) | (m³) |
| $Q_{d,erf}$ | = 88.29 | = 88.29 | (l/s) |
| $m_{vorh}$ | = 11.7 | = 11.0 | (-) |
| $n_{ue}$ | = 18.9 | = 16.5 | (1/a) |
| Sfue | = 4531 | = 4871 | (kg CSB/a) |
| Sfue,s,kum | = 298 | = 250 | (kg CSB/ha/a) |

**2025-2027**

| RÜB"Pissange" | Variante 0 | Variante 1 | |
|---|---|---|---|
| $V_{gepl}$ | = 93 | = 155 | (m³) |
| $Q_{d,erf}$ | = 9.63 | = 9.63 | (l/s) |
| $m_{vorh}$ | = 13.8 | = 13.4 | (-) |
| $n_{ue}$ | = 33.2 | = 21.2 | (1/a) |
| Sfue | = 781 | = 590 | (kg CSB/a) |
| Sfue,s,kum | = 332 | = 250 | (kg CSB/ha/a) |

**2026-2028**

| RÜB"Ehla | Variante 0 |
|---|---|
| $V_{gepl}$ | = 233 |
| $Q_{d,erf}$ | = 6.73 |
| $m_{vorh}$ | = 31.9 |
| $n_{ue}$ | = 36.6 |
| Sfue | = 2520 |
| Sfue,s,kum | = 326 |

**Iwwersiicht:** Bis 2028 wäert d'Gemeng mat 5 Reewaasserbasenge ausgerüst sinn. Dee vu Piisseng gëtt 2027 ofgeschloss.

***Vue d'ensemble:*** *d'ici 2028, la commune sera dôtée de 5 bassins d'orage (= RÜB: Regenüberlaufbecken). Celui de Pissange sera achevé en 2027.*

## Bau vun engem Reewaasserbaseng zu Piisseng
## *Construction d'un bassin d'orage à Pissange*

**Info Chantier**

Käschten / *Coûts*

**2.450.000.- €**

Volumë vum Baseng / *Volume du bassin*


**155 m³**

Viraussiichtlechen Ufank / *Début prévisionnel*


**Fin 2025**

No an no wäerten all eis Uertschaften hiert eegent Ofwaasserréckhaltebecken hunn. Sou kann d'Quantitéit u Waasser, dat Richtung Schéfflenger Kläranlag fléisst, am Fall vu Staarkreen besser kontrolléiert ginn. Déi nächst betraffen Uertschaft ass Piisseng. De Baseng wäert sech hannert der Bréck iwwert der Mess op dem CR172 befannen, am Ausgank vun Éileng.

*Au fur et à mesure, toutes les localités de la commune auront leur propre bassin de rétention d'eaux usées, afin de mieux réguler le débit d'eau introduites vers la station d'épuration du SIVEC, en cas de fortes pluies. Pissange est la prochaine localité concernée. Le bassin sera situé après le pont enjambant la Mess sur le CR172, à la sortie d'Éhlange.*



Fir d'Gesamtqualitéit vum Handynetz um Territoire vun der Gemeng ze verbessere gëtt op dëser Plaz vun der Post eng zousätzlech Antenne vu 40 Meter Héischt gebaut. / *Pour améliorer la couverture du réseau de téléphonie mobile sur le territoire de la commune, une antenne supplémentaire de 40 mètres sera construite ici par la Post.*








Den Ofwaasserréckhaltebaseng beféent sech hannert dem Gemengenatelier, tëschent der Route des Trois Cantons an der Rue Jean-Pierre Hilger. Elo wou déi ënnerierdesch Aarbechten ofgeschloss sinn, kënnen d'Flächenaarbechte lassgoen. Esoubal dëse Baseng a Betrib geholl gëtt, gëtt déi aktuell Kläranlag (uewe lénks an der Foto lénks) ausser Betrib gesat. / *Le bassin de rétention d'eau se trouve derrière l'atelier communal, entre la route des Trois Cantons et la rue Jean-Pierre Hilger. La partie souterraine du bassin étant achevée, les travaux de surface ont démarré. Lors de sa mise en service, l'ancienne station d'épuration (dont une partie est visible sur la photo de gauche, en haut à gauche) sera mise hors service.*

Déi zwou Parzellen „Op de Quäärten" zu Éileng, vu jeeweils ongeféier 7 Ar.
*Les deux parcelles situées au lieu-dit «Op de Quäärten» à Éhlange, d'environ 7 ares chacune.*



Dëse Projet vun 2 Residenzen mat jeeweils 6 Wunnengen fënnt säin Uersprung am Programme d'action local Logement (PAL), dee Bauprojete fir d'Kreatioun vu bezuelbarem Wunnraum virgesäit. Déi eng Halschend vun de Käschte gi vun der Gemeng iwwerholl a bis zu 75% vum Stat subsidiéiert, déi aner vun dem Fonds de Logement, deen och de Bauhär vun enger Residenz ass.

*Ce projet, constitué de deux résidences à 6 unités, a pris forme dans le cadre du Programme d'action local Logement (PAL), prévoyant la réalisation de projets de construction pour la création de logements abordables. Une moitié des coûts sera couverte par la commune et subsidié par l'État à hauteur de 75%, tandis que l'autre par le Fonds du Logement, qui sera le maître d'ouvrage d'une des résidences.*


## Sozialwunnengen
## *Logements sociaux*




### Info Chantier

Käschten insgesamt / *Frais totaux*
**9.728.023.- €**
Käschte fir d'Gemeng / *Frais pour la commune*
**4.870.000.- €**
Start vum Chantier / *Début des travaux*
**mi-2025**
Schluss/ *Fin*
**2028**

## Reaménagement vun de Säll vun der aler Maison Relais a Grondschoulklassesäll
## *Réaménagement des anciennes salles de la Maison Relais en salles de classes pour l'école fondamentale*




### Info Chantier

Käschten / *Coûts*
**292.000.- €**
Start vun den Aarbechten / Début des travaux
**juin/juillet 2025**

***Zil vun den Aarbechten:***

- *Déi zwee viischt Räim vum bloe Gebai an 2 konform Klassesäll ëmwandelen.*
- *D'Sanitären un d'Kanner aus dem Préscolaire upassen*
- *D'Waasserpunkten an de Klassesäll un d'Kanner aus dem Préscolaire upassen an d'Schief renovéieren*
- *Vestiairen um Rez-de-Chaussée an um éischte Stack bäifügen*
- *Neien Ustrach fir all d'Säll um Rez-de-Chaussée*

***Objectif des travaux:***

- *Transformer les pièces à l'avant du bâtiment bleu en deux salles de classes conformes*
- *Adapter les sanitaires aux enfants du préscolaire*
- *Adapter les points d'eaux des salles de classe aux enfants du préscolaire et rénover les armoires*
- *Ajouter des vestiaires au rez-de-chaussée et au 1er étage*
- *Mise en peinture de toutes les salles de classe du rez-de-chaussée*



## Verlängerung vun der Waasserleitung

### an der Rue de la Montée zu Reckeng

## *Extension de la conduite d'eau*

### *dans la rue de la Montée à Reckange*

Am Kader vum Reamenagement vun der Rue de la Montée zu Reckeng huet et sech als noutwenneg erwisen, och d'Waasserleitungen am leschten Deel tëschent der Rue du Château d'Eau an der Rue de Roedgen z'erneieren. Effektiv leien ënnert dësem Tronçon déi eelste Leitunge vu ganz Reckeng. Iwwert déi grouss Netzwierksaarbechten eraus goufen d'Infrastrukturen an der Rue de la Montée gréndlech erneiert: Strosseluuchten, Vitesswarnschëlder, kleng ëffentlech Plaz virun der Schoul etc.

*Dans le cadre du réaménagement de la rue de la Montée à Reckange, il a été jugé opportun de renouveler la dernière partie de la rue, entre le croisement avec la rue du Château d'Eau et la rue de Roedgen. En effet, sous ce tronçon se trouvent les conduites les plus anciennes de Reckange. Au delà des grands travaux de réseau, les infrastructures de la rue de la Montée ont connu un réaménagement de fond en comble: éclairage public, panneaux avertisseurs de vitesse, nouvelle placette devant l'école etc.*

**Info Chantier**

Käschten / *Coûts*

**820.000.- €**

Viraussiichtlechen Ufank / *Début prévisionnel*

**Abrëll / avril 2025**

Erneierung vum Stroossebelag no de Waasserleitungsaarbechten an der Rue du Château d'Eau.



*Réfection de la couche de roulement dans la rue du Château d'Eau, suite aux travaux de renouvellement des conduites d'eau.*

## Verlängerung vun der Waasserleitung

### an d'Rue du Bois an d'Rue des Trois Cantons

## *Prolongation de la conduite d'eau potable*

### *dans la rue du bois et la rue des Trois Cantons*

**Info Chantier**


Käschten / *Coûts*

**525.000.- €**

Viraussiichtlechen Ufank / *Début prévisionnel*

**Mäerz / *Mars 2025***






De Chantier vun der neier Waasserleitung am Kader vun den Aarbechten um Steebréckener Echangeur ass momentan amgaang. / *Le chantier de la nouvelle conduite d'eau dans le cadre des travaux de l'échangeur Pontpierre est momentanément en cours.*

**Zil vun dësen Aarbechten:**

- D'Waasserleitungen an der Dräikantonsstrooss weider ersetzen.
- Dovu profitéieren, dass Post, Creos a SudEnergie gläichzäiteg op der N13 schaffen:
  - ↳ Een eenzege Chantier amplaz e puer hannereneen
  - ↳ Reduzéiert Käschten duerch d'Opdeele vun de Fraise vum Génie civil

**Objectif des travaux :**

- *Continuer le remplacement des conduites d'eaux dans la rue des Trois Cantons*
- *Profiter du fait que trois opérateurs de réseaux (Post, Creos, SudEnergie) aient prévu des travaux sur la N13:*
  - ↳ *un seul chantier au lieu de plusieurs chantiers consécutifs*
  - ↳ *coûts réduits du fait du partage des frais de génie civil*

Administration communale
de Reckange-sur-Mess